



well genuch Ënnerschrëften do sinn. An zweetens hätte mer gär, datt déi Diskussioun iwwert d'Suiten eréischt da gefouert géif ginn, wa mer wierklech konnten ënner eis kloer sinn, wéi mer déi schrëftlech Ënnerschrëften an esou engem Kader féieren, dann eng ëffentlech Debatt hunn, déi deen Numm verdéngt, an dann op dee Projet de loi zréckkommen, deen hei de Mëttwoch soll votéiert ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Kartheiser. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Wëllt just...?

Den Här Wiseler, wann ech gelift.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech wëll just dozou soen, datt mir och der Meenung sinn, datt mer selbstverständlech am Respekt vun all deenen, déi hir Meenung wëllen zum Ausdrock bréngen, hei handelen, mä awer och derbäisoen - esou wéi dat de Moien an der Petitiounskommissioun geschitt ass -, datt d'Chamber sech eng Rei Regele ginn huet, eng Rei Regele gesat huet an datt och an deem hei Fall déi Petitioun behandelt ginn ass no den aktuelle Regele vun der Chamber an eisen Aen. Dat heescht, wéi eng ordinär Petitioun, datt all déi Leit empfaange gi sinn, datt se och hir Argumenter konnten auserneeleen an der Petitiounskommissioun an datt all d'Membere vun der Kommissioun, all Fraktioun sech konnt e Bild iwwert d'Argumentatioun maachen.

Dat ass also an eisen Ae geschitt no deem, wéi d'Chamber a sech sollt dat behandelen. Dofir si mer der Meenung, datt den Ordre du jour bäibehale soll ginn. Mir sinn awer par contre - an dat wëll ech hannendru soen; all déi Froestellungen, déi gestallt gi si par rapport zu den elektronische Petitiounen op där enger Säit an dem Fait, datt ee kann, soll schrëftlech kënnen eraginn, wou kloer d'Positioun vun der Chamber déi ass, déi mer alleguer kennen - der Meenung, esou wéi de President vun der Chamberkommissioun unanime mat sämtleche Fraktiounen dat an der Petitiounskommissioun schonn ugeschwat hat, datt ee soll am September eng Kéier déi ganz Organisatioun vun de Petitiounen iwwerkucken, fir ze gesinn, ob do Schwächten dra sinn, fir ze gesinn, ob mer kënnen d'Organisatioun vun deene Petitiounen, déi hei an d'Chamber erakomm sinn, ob mer dat kënnen anescht, ob mer dat kënnen besser gestalten.

Ech mengen, do si mir als Fraktioun, mä ech mengen, déi aner Fraktiounen och, Demandeur, fir dat eng Kéier ze iwwerkucken.

Haut, an der Situatioun, wou mer haut sinn, menge mer, solle mer eis un déi Regeln halen, déi mer eis alleguer gemeinsam gesat hunn.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Wiseler. Den Här Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Jo, Här President, ech deelen déi doten Aschätzung. Ech mengen och, dass et falsch ass, hei den Androck ze ginn, wéi wa keng ëffentlech Debatt iwwert déi dote Froe stattfonnt hätt a méiglech gewiescht wär. Ech wëll drun erënneren, dass dee Projet de loi am Joer 2010 deponéiert ginn ass an dass zënterhier a sëllege Sitzungen hei am Parlament an och an der Ëffentlechkeet iwwert den Inhalt vun deem dote Projet de loi diskutéiert ginn ass an dass, wat déi Fro vun der Volladoptioun ugeet, och do zënter dem Summer d'lescht Joer d'Positiounen, d'Majoritéitspositiounen hei an där Chamber ganz kloer sinn.

Elo wëllen hei den Androck ze ginn, wéi wann dat eng Iwwerraschung wär praktesch, dass dee Projet géif haut à la va-vite hei diskutéiert ginn an der Chamber, dat kann ech net akzeptéieren. Jorelaang huet déi Prozedur gedauert. Iwwer ee Joer ass praktesch de vollen Text vum Gesetz bekannt, a senger ganzer Envergure. Et war also d'Méiglechkeet do, des Laangen an des Breeden iwwer all déi inhaltlech Froen ze diskutéieren. Dat wäerte mer haut jo och nach maachen hei an der Debatt an der Chamber. Esou dass ech mengen, dass mer u sech hei prett sinn, fir déi doten Diskussioun ze féieren. An duerfir ass eis Fraktioun och derfir, dass mer beim Ordre du jour bleiwen, esou wéi e proposéiert ass.

Zweete Punkt, deen ech trotzdeem wëilt opwerfen: Den Här Kartheiser huet hei et vermidden, fir eis Verfassung ze zitieren, déi effektiv ganz droleg formuléiert ass. Den Artikel 67 - ech wëll Iech en eigentlech och hei virlesen -, dee seet, dee weineg schwätzt vum Recht op Petitioun, dat muss ee praktesch indirekt draus erauslesen, mä deen awer par contre eng Interdictioun virgesäit, an déi ass wéi folgt formuléiert: «Il est interdit de présenter en personne des pétitions à la Chambre.» Ech géif dee Saz do zur Meditatioun hei vun der Chamber ginn an d'Fro stellen, ob mer déi Regeln, déi mer eis elo provisoresch ginn hunn, iwwerhaupt kënnen definitiv festschreien, wa mer bei deem dote Verfassungstext bleiwen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Bodry. D'Madame Loschetter, wann ech gelift.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Här President, et ass bal alles gesot gi vu menge Virriedner. Dofir wëll ech net nach eng Kéier dat widderhuelen. Mä ech wëll Iech awer soen, datt déi gréng Fraktioun sech deenen Aussoe kann honnertprozenteg ralléieren. An dofir denke mir och, datt den Ordre du jour, esou wéi en elo presentéiert ass, och soll oflafen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Loschetter. Den Här Berger.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Jo, Merci, Här President. Ech sinn och nach an där Rei vun deenen, déi elo grad scho gesot hunn, datt mer Geleeënheet hate säit Jore praktesch, fir iwwert dee Projet hei ze diskutéieren, iwwer all d'Facetten op alle méigleche Plazen, datt also hei dat net eng Iwwerraschung ass, datt dat also een Débat ass, dee gutt preparéiert ass an deen och kontrovers a kontradiktöresch an der Vergaangenheet och an der Ëffentlechkeet diskutéiert ginn ass, datt mer also sollen haut de Mëtten och eisen Ordre du jour bäibehalen an dann och dee Projet diskutéieren an dann och hoffentlech ofstëmmen.

Eng zweet Remarque ass awer och déi: Ech kann och mat op de Wee vun deem goen, wat de Vizefraktiounschef vun der CSV gesot huet, suggéiert huet: Datt mer sollen elo, no éischten Erfahrungs mat der elektronischer Petitioun, wou awer, mengen ech, souwuel bei eis heibanne wéi awer och dobaussen am grand Public déi eng oder aner Mëssverständniss vläicht sinn oder Onprezisiounen sinn, datt mer do sollen en temps utile net ze laang waarden, fir spéitstens am September, am Hierscht e Bilan ze maachen an ze kucken, do vläicht e puer Kurskorrektur virzehuelen, fir datt mer dat Instrument dann och kënnen valabel an am Verständnis an an der Transparenz vu jiddwerengem benotzen.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Berger. Den Här Turpel, wann ech gelift.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Merci, Här President. Mir sinn der Meenung, datt dee Gesetzesprojet iwwert d'Netdiskriminierung vu gläichgeschlechtliche Koppele muer soll gestëmmt ginn, datt dee soll zur Diskussioun muer stoen a gestëmmt ginn.

(*Interruption*)

Nee muer!

(*Interruption*)

Muer, muer. Ech hoffen!

(*Hilarité*)

...datt dee muer soll gestëmmt ginn, an dat obschonn elo kuerzfristeg eng Pétition ordinaire presentéiert ginn ass. Ech sinn d'accord mam Alex Bodry, dee seet, datt déi Pétition ordinaire do scho vill méi laang hätt kënnen presentéiert ginn.

Wat d'Pétition publique ugeet, ass dat eng Saach. Ech mengen, do si mer an enger neier Prozedur dran. Mir sinn och absolut der Meenung, an dowéinst sinn ech och frou, datt d'Petitiounskommissioun sech doriwwer eens ass, datt een d'Zesummespill vu Pétion ordinaire/Pétition publique no éischten Erfahrung muss bilanzéieren an da kucken, ob een do eventuell verschidde Regeln ännert. Zum Beispill, datt een e Contrôle aféiert iwwert d'Pétion ordinaire, deen et de Moment net gëtt - wat et och dowéinst onméiglech mécht, fir déi iwwerhaupt kënnen..., déi Ënnerschrëfte kënnen ze cumuléieren -, ob mer en Online-Contrôle direkt aféiere bei der Pétition en ligne an esou weider.

Ech mengen, dat sinn alles Iwwerleeungen, déi solle gemaach ginn. A mir hunn eis och an der Petitiounskommissioun d'Wuert ginn, fir scho praktesch an der nächster Sëtzung unzefänken, de Relevé duerchzehuelen, déi Lee duerchzehuelen, déi mer opgestallt hu vun all deene Saachen, déi do opgestallt gi sinn. Dat verhënnert net, datt, wat dee Projet hei ugeet, een awer elo d'Impressioun hat, wéi wann am leschte Moment géif versicht ginn, eng Debatt, déi schonn trotzdeem eng Rei Jore leeft an der ganzer Gesellschaft, fir déi elo mat engem Trick do erauszögeren. Well soss wier esou eng Pétition ordinaire nämlech scho vill éischer komm.

An ech schlësse mech deenen un, déi scho vir-drun an der Entrevue, déi mer hate mat de Petitionnaires, gesot hunn, datt, wa se net iwwerzeegt gewiescht wieren, datt een dee Projet de loi muer soll stëmmen, da wiere se et elo, nodeem datt se d'Petitionnaires héieren hätten, well mer do - a mir komme sécherlech

muer drop zréck - héieren hunn, datt eng ganz Rei berechtigt Froen, déi elo iwwerhaupt näischt mam Thema hei ze dinn hunn, ausser wann et ëm d'Diskriminierung vu gläichgeschlechtliche Partner geet, déi iwwerhaupt näischt mam Thema ze dinn hunn, souwisou missten diskutéiert ginn, esou datt et héich Zäit gëtt, fir déi gläichgeschlechtlech Rechter hei endlech ze arréieren, fir datt endlech och déi falsch ëffentlech Diskussioun doriwwer ophéiert a mer emol erëm zu deene richteg Problemer kënnen kommen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Turpel. Ech mengen, domat ass alles gesot a mir kéinten zur Décisioun iwwert den Ordre du jour iwwergoen, wéi e vun der Presidentekonferenz...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech froen de Vote électronique, Här President.

► **M. le Président.**- Ah? Jo, ech war nach net fäerdeg, mä bon!

(*Hilarité*)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dir waart esou gutt lancéiert!

► **M. le Président.**- Also, wie mam vun der Presidentekonferenz proposéierten Ordre du jour d'accord ass, ass gebieden, mat Jo ze stëmmen, wien net domat d'accord ass, mat Neen. Den elektronische Vote ass gefuerdert ginn. Da maache mer dat esou.

Vote

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

(*Brouhaha*)

Wie mam Ordre du jour, wéi en...

(*Interruptions diverses*)

Wien also mat der Proposition principale, dat ass den Ordre du jour, wéi e vun der Presidentekonferenz virgeschloen ass, d'accord ass, stëmmt mat Jo, dee wëllt eng Ännerung hunn, mat Neen.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Et sinn nach eng Rei Apparater, déi net ginn, well dann nach deen zweeten, drëtte Code do muss all Kéiers agi ginn. Vläch wann ech gelift dat respektéieren, datt d'Leit dann eng Chance hunn, hire Code erëmfannen, fir dann och kënnen hei...

► **M. le Président.**- Jo. Bei mir ass guer näischt méi um Schiern.

(*Hilarité et brouhaha*)

Sou, also ech géif Iech proposéieren, mir maachen de Vote nach eng Kéier, fir dass alles kloer ass. D'Froestellung ass jo och elo kloer.

De Vote ass lancéiert. Voilà, déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. Ech ginn dovun aus, dass de Vote elo ofgeschloss ass.

57 Deputéiert si mam virgeschloenen Ordre du jour d'accord, bei 3 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes, Marc Lies (par M. Marcel Oberweis), Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Guy Arendt), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydia Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Also bleiwe mer bei eise proposéierten Ordre du jour.

Ech hunn eng Wuertmeldung fir den Dépôt vu Propositions de loi. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

4. Dépôt de deux propositions de loi par M. Fernand Kartheiser

Exposé

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, ech wollt hei am Numm vu menger Partei zwou Propositions de loi haut deponéieren.

Déi éischt betrëfft d'Schafung vu Classes d'accueil am Enseignement fondamental. Mir wëllen do de Gemengen och d'Méiglechkeet ginn, esou Klassen anzeféieren. Bis elo ass dat just eng Décisioun, déi de Stat kann huelen. Et ass déi éischt Proposition, ech där Iech déi iwwerreechen.

6698 - Proposition de loi

1. *modifiant la loi du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;*

2. *autorisant la création par les communes de classes spécialisées d'accueil pour enfants nouvellement installés au pays*

Déi zweet Proposition de loi, déi betrëfft d'Proposition fir en nationale Referendum iwwert d'„Ouverture du mariage et de l'adoption aux couples de même sexe“. Mir sinn der Meenung, datt, wéi ech et och scho virdru konnt soen, mer müssen eng breet ëffentlech Debatt iwwer all déi Froen hunn, déi sech an deem Zesammenhang stellen. Dat ass bis elo an eiser Analys net de Fall gewiescht. Dofir wëlle mer der Bevëlkerung folgend Froe stellen: Sidd Dir souwuel fir d'Aféierung vum Bestietnis vu gläichgeschlechtliche Koppele wéi och fir d'Adoptioun duerch gläichgeschlechtlech Koppele? An dat iwwert de Wee vun engem nationale Referendum.

Dës Regierung huet sech jo engagéiert, fir där direkter Demokratie méi Raum ze ginn an d'Leit méi participéieren ze loosse. Dat hei ass eng kruzial Fro vun eise gesellschaftlechen Zesummeliewen an dofir wëlle mir proposéieren, datt eis Leit hei am Land sech kënnen iwwert d'Voie vum Referendum doriwwer aussprechen.

6699 - Proposition de loi relative à l'organisation d'un référendum national sur l'ouverture du mariage et de l'adoption aux couples de même sexe

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci fir den Dépôt. Mir géifen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Et ass d'Validatioun vun den Europawahlen.

5. Validation des élections européennes

No de Wahle fir d'Europaparlament vum 25. Mee 2014 ass et un der Chamber, fir d'Wahlen ze validéieren. D'Texter vum Wahlgesetz vum 18. Februar 2003 iwwert d'Europawahle soe Folgendes, den Artikel 282: «La Chambre des Députés se prononce seule sur la validité des opérations électorales qui sont régies par la loi nationale. Toute réclamation contre ces opérations doit être formulée, sous peine de forclusion, par écrit et introduite dans les dix jours de l'élection auprès du Secrétaire général de la Chambre des Députés.»

Den Artikel 283 seet: «Le Parlement européen vérifie les pouvoirs des représentants et statue sur les contestations qui pourraient éventuellement être soulevées sur la base des dispositions de l'Acte portant élection des représentants au Parlement au suffrage universel direct.

Toutefois, les contestations qui sont relatives à des dispositions nationales auxquelles cet Acte renvoie sont vidées par la Chambre des Députés.

Le Président de la Chambre des Députés adresse au Président du Parlement européen les documents nécessaires à la vérification des pouvoirs des représentants du Grand-Duché de Luxembourg.»

Ech wëilt d'Chamber nach drop opmierksam maachen, dass keng Reklamatiounen iwwert d'Europawahlen eragaange sinn. An dofir louse mer elo, esou wéi dat virgesinn ass, déi siwe Membere vun där Kommissioun aus, déi no-kontrolléiere soll, ob alles uerdnungsgeméis bei de Wahle verlaf ass.

Tirage au sort des membres constituant la Commission de vérification des élections au Parlement européen du 25 mai 2014

Déi Kommissioun setzt sech zesammen aus: der Madame Hansen, dem Här Fayot, der Madame Hemmen, dem Här Marc Spautz, dem